

Nice bestätegt nach eng Kéier dës Entwécklung an integréiert d'Funktiounen vun der Krisegestioun vun der UEO an d'Europäesch Unioun. D'Konklusiounen vum Sommet vun Nice gesinn dann d'Kreatiounen vun deenen zwou Agencë vir: déi vum Satelittenzentrum an déi vun engem Institut, dat Etüden an der Sécherheet mécht.

De 16. Juli 2001 ass et dann esou wäit: De Conseil des Affaires générales vun der EU kënnt zu engem politeschen Accord iwwert déi zwou gemeinsam Aktiounen: d'Kreatioun vun engem Institut d'études de sécurité a vun engem Satelittenzentrum.

Här President, ech gi kuerz op d'Aktivitéite vun dësen zwou Agencen an, sou datt ee vläicht besser dobauss versteet ëm wat et da wierklech hei och geet. D'Missiounen vum Institut fir Sécherheetsetüden - dee säi Sëtz zu Paräis huet – sinn, fir ze hëllefen eng gemeinsam Kultur a Saachen europäescher Sécherheet op d'Been ze setzen an eng strategesch Debatt ze favoriséieren, andeems en en optimalen Treffpunkt fir europäesch Décideuren an awer och onofhängeg Experten op dësem Gebitt bitt.

Den Institut dréit och zur Weiterentwicklung vun der gemeinsamer europäescher Aussen- a Sécherheitspolitik - also ofgekierzt, der PESC - bäi, andeems en dräi Haaptmissiounen erfëllt:

Éischtens, kënnen elo hei d'Recherchen an den Débat an deene grouse Froen vun der Sécherheet, déi déterminant si fir d'Europäesch Unioun, stattfannen.

Zweetens, fuerdert dësen Institut eng zukunftsorientéiert Analys mat Informationsforen a mat Rapporten vun Experten aus der ganzer Welt zu Gonschte vum Conseil vun der Europäescher Unioun an awer och vun deenen héije Vertrieeder vun der PESC.

(Interruption)

Drëttens, soll duerch d'Beräichierung vum transatlanteschen Dialog tëschent Europa, Kanada an Amerika d'Analys am Beräich...

(Coups de cloche de la Présidence)

...vun der Sécherheet erweidert ginn, an all déi grouss Froen, déi sech an dësem Beräich stellen, sollen zweemol am Joer an enger sou genannter „transatlantischer Konferenz“ debattéiert ginn, déi eng Kéier bei eis an dann eng Kéier op där anerer Säit – dat heescht an Nordamerika – stattfënn.

Den Institut fonctionnéiert selbstverständlech autonom, ass also onofhängeg, a ka weder d'national Interesse representéieren nach durchsetzen.

Déi zweet Agence ass déi vun dem Satelittenzentrum vun der Europäescher Unioun zu Torrejón de Ardoz a Spuenien. En huet als Missioun den Entscheidungsprozess vun der Europäescher Unioun am Kader vun der gemeinsamer europäescher Aussen- a Sécherheitspolitik, an awer och d'Verteidigungspolitik ze ënnerstëtzen. E soll d'Capacitéit vun der Europäescher Unioun stäerken, fir geographesch Informatiounen ze sammelen, déi der EU hëllefe Konflikter ze prevenéieren, Efforté fir de Friden am Fall vu Konflikter ze leeschten, an esou och eng effikass humanitär Hëllef am Fall vun Naturkatastrophen, oder awer och am Fall vu Katastrophen, déi vu mënschlecher Hand verursaacht ginn, ze leeschten.

Dir Dammen an Dir Hären, hei geet et also drëms d'Zoustëmmung ze ginn, fir d'Privilegien an d'Immunitéite vun dësen zwou Agencen, hiren Organer an hirem Personal ze garantéieren, esou wéi dat vun der Regierungsvertrieeder am Conseil zu Bréissel de 15. Oktober 2001 zréckbehalen gouf. Dëst ass nun emol erfuerderlech fir de Fonctionnement vun dësen zwou Agencen,

hire verschiddenen Organer an och hirem Personal ze erliichteren, esou wéi dat och scho fir déi zwou Agencen ënnert der UEO bis elo de Fall war.

Déi zwou Agencë si säit dem 1. Januar 2002 operationell an hunn déi Kontrakter iwwerholl, mat deene bis dohin d'Personal un d'UEO gebonne war. D'Zoustëmmung vun der Chamber zu dëser Décisioun ass also net néideg, fir en neie juristische Kader fir d'Personal vun dësen zwou Agencen ze kreéieren. Dëse Regime ersetzt dann dee Regime vun de Privilegien an den Immunitéiten, vun deenen d'Agenten am Kader vun der UEO bis elo profitéiert hunn.

Wat d'Artikelen vun dësem Projet de loi ubelaangen, esou erlaabt mer vläicht just déi puer wichtigst ervirzehiewen: Den Artikel 1 hält um Prinzip vun der Immunitéit fest, esou wéi un der Befreiung vum Duerchsichen, de Saisien, de Konfiskatiounen an un allen anere Formen vun administrativen a gerichtlechen Contrainté fir d'Lokaler an d'Gidder vun den Agencë fest. Den Artikel 2 garantéiert d'Inviolabilitéit vun den Archiven.

Den 3, de 6 an den 8 leëen de steierleche Regime vun den Agenten an den Agencë fest. D'Agencë gi vun allen indirekte Steieren exonériert. D'Akommes vum Personal vun den Agencë gëtt zwar net besteiert, mä hiert Gehalt ass awer dem Prélèvement zu Gonschte vun den Agencen ënnerwerf. D'Décisioun preziséiert dann och – an ech mengen, dat war och eng Fro, déi den Här Henckes an der Kommissioun, wéi mir de Projet de loi debattéiert hunn, opgeworf hat –, datt d'Personal vun deenen zwou Agencen hire fiskale Wunnsëtz an hirem Ursprungsland behält.

Den Artikel 4 bréngt d'Fräiheet vun der Kommunikatioun mat sech. Op déi nämlech Aart a Weis definéiert den Artikel 6 d'Privilegien an d'Immunitéite vun den Organer a vum Personal vun den Agencen esou wéi d'Inviolabilitéit vun all hire Pabeieren, Dokumenter an och anere Material.

Am Artikel 5 steet, datt déi verschidde Länner den Zougank, den Openthalt an den Départ vum Personal vun den Agencë vereinfachen, selbstverständlech awer nëmmen, wa se an offizieller Missioun ënnerwee sinn.

D'Membere vun den Agencë profitéieren hei och vun enger Juridictionscommunity, wat hir Aussoen an hir Akten ubelaangen, awer och hei alt erëm selbstverständlech nëmme während dem Ausüben vun hirem beruflecher Aktivitéit. Dat heescht, wann eng virkënn am zivilen Beräich, da si se do responsible, wéi all déi normal Leit och. Et ass wichteg ze ënnersträichen, datt den Artikel 10 vum Projet de loi déi genee Ëmstänn definéiert, ënnert deenen d'Ophiewe vun der Immunitéit vun de Leit, déi an den Agencë schaffen, ausgesprach ka ginn.

Zum Schluss, Här President, wëllt ech just soen, datt et wierklech wichteg an noutwendeg ass, datt mir dës Décisioun hei esou séier wéi méiglech approvouéieren, wann ee bedenkt, datt dës Décisioun sollt den 1. Januar 2002 a Kraaft treden an datt schonn 19 Memberlänner hiren Accord dozou ginn hunn a mir leider ee vun de Schlusslichter hei sinn.

Dës Noutwendegkeet gouf och nach virun e puer Deeg vun engem Bréif, deen de Generalsekretär vum Conseil, den Här Javier Solana, un eise Représentant permanent zu Bréissel, also un d'Madame Schommer, geschéckt huet, ënnerstrach. An dësem Bréif bezitt sech den Här Solana op den Artikel 12 vun der Décisioun, dee virgesäit, datt den 1. Januar 2002 dëst soll a Kraaft treden, ënnert der Konditioun, datt bis dohinner sämtlech Memberlänner dann och dës Décisioun ëmgascht hätten. De Statsrot huet seng Zoustëmmung och zu dëser Décisioun ginn.

Här President, ech bréngen dann och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet an ech hoffen, datt en, wéi an der Kommissioun, dann och hei kéint unanime gestëmmt ginn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Madame Arendt. Den honorabelen Här Angel huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Marc Angel (LSAP). - Här President, no deenen ausféierlechen Erklärungen vun der...

(Interruptions)

Merci, Här Bettel, Här Schäffen. No deenen ausféierlechen Erklärungen vun der Kolleeegin Nancy Kemp-Arendt bleift mir näischt aneschtens iwwreg, wéi Merci ze soen.

Ech wollt hei och dem Haus ukënnegen, dass eis Fraktioun dee Projet de loi selbstverständlech och stëmme wäerten.

Merci an entschëllegt.

M. le Président. - Merci, Här Angel. Den honorabelen Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch (DÉ GRÉNG). - Ech wëll am Numm vu menger Fraktioun och der Madame Rapportrice Merci soe fir dee gudden Rapport a soen, datt mir dëse Projet stëmmen.

M. le Président. - Dann huet d'Regierung d'Wuert. Oh, pardon. Den Här Goerens huet d'Wuert.

M. Charles Goerens (DP). - Ech wollt mech och der Rapportrice uschlëssen.

(Hilarité)

Ech wollt och net unerwähnt loosse, datt deen Institut, iwwert dee se ënner anerem rapportéiert huet, eng ganz utile Aarbecht mécht. Ech mengen, et wier och gutt, wann eis Chamber sech an deene verschiddenen Aarbechten, déi se am aussepolitische Beräich mécht, heiansdo géing un deene Berichter inspiréieren.

M. le Président. - Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Här President, och vun onser Säit aus Félicitatiounen un d'Madame Rapportrice. Si huet en excellente mëndlechen a schrëfleche Bericht duergeluecht, wou all Facetten an och Debatten an der Kommissioun gutt zum Droe komm sinn. Ech wollt den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Projet de loi bréngen.

M. le Président. - D'Regierung huet d'Wuert. Den Här Minister Halsdorf.

M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire. - Här President, no deem ausféierleche Bericht vun der Madame Arendt, dee wierklech exhaustiv war - dat kann ee soen - bleift net méi vill ze kommentéieren. Déi politesch Décisioun ass geholl, fir dës zwee onofhängeg Agencen erauszuhuelen aus der UEO, also muss een do konsequent sinn. Et ass evident an noutwendeg, dass d'Personal an déi Agencen d'Privilegien, d'Immunitéiten an d'Facilitéite kréien, déi se virun haten. Ech wär also frou, wann d'Chamber dat hei elo géif stëmmen, an ech soe Merci fir de konstruktiven Dialog, dee mer haten.

M. le Président. - Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass eestëmmegeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Lucien Clement), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Gleesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Laurent Mosar), Patrick Santer (par M. Lucien Thiel), Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par Mme Nancy Arendt), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. Ben Fayot) et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Henri Grethen), Mme Colette Flesch (par M. Claude Meisch), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepf (par M. Jacques-Yves Henckes) et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi iwwert d'Moderniséierung vun der Beetebuger Kläranlag. Bis elo sinn ageschriwwen: d'Madame Doerner, den Här Meisch, d'Madame Mutsch, den Här Gira an den Här Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Marie-Thérèse Gantenbein. Madame Gantenbein, Dir hutt d'Wuert.

2. 5484 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux nécessaires à l'extension et à la modernisation de la station d'épuration de Bettembourg

Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire

Mme Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (CSV), rapportrice. - Här President, Här Minister, léif Kolleegeinnen, léif Kolleegeen, „Wou d'Uelzecht durech d'Wisen zéit“, dës éischt Textzeil aus eiser Nationalhymn „Ons Heemecht“, geschriwwen 1859 a wouranner déi dräi wichtegst Flëss beschriwwen a veréiwegt gi sinn, dierft jiddferengem heibanne bekannt sinn. Den Auteur vun dësen Zeilen, de Michel Lentz, hat sech och eppes dobäi geduecht, andeems hien d'Uelzecht als éischte Floss zitéiert huet, dat, well et dee längsten a vläicht och deen ofwässerungsräichste vun deenen dräi ass.

Dat war awer zu enger Zäit, wou eis Flëss nach eng aner Qualitéit

haten. Haut mécht d'Waasserqualitéit vum längste Floss, mä net nëmmen déi vun him, eis Suergen. An de 60er Joren hat d'Politik eng éischte Kéier reagéiert, nodeems festgestallt gouf, dass d'Industrialiséierung an den éischten Nokrichsjoren an de wirtschaftlechen Opschwung sech op Käschte vun der Gesondheet vun der Uelzecht vollzunn hunn.

En ëmfängräiche Genesungsprozess gouf an de 60er Joren agebaut, dee substanzuell Verbesserung mat sech bruecht huet – Verbesserungen, déi awer net vun enger nohalteger Wirkung geprägt waren. D'Pollutioun blouf op engem héijen Niveau, well d'Technik vun där Zäit nach net erméiglecht huet, fir d'Uelzecht op eng nohalteger an dauerhaft Aart a Weis propere ze halen. Virun allem um Niveau vum Stéckstoff a vum Phosphor konnt net vill erreicht ginn, well de Klärungsprozess virun allem sech op liicht ofbaubar Substanzen konzentréiert huet, vu dass d'Technike vun der sou genannter Dénitrificatioun an der sou genannter Déphosphatisatioun nach net applizéiert konnte ginn.

Dobäi koom awer nach eng aner Entwicklung demographescher Natur, déi net zum Wuel vun der Uelzecht bäigedroen huet. Am Anzuchsgebitt vu Beetebuger a vum Réiserbann ass d'Populatioun an den 80er an an den 90er Jore schlagarteg an d'Luucht gaangen. An en vue vun dësen Zuelen ass schnell kloer ginn, dass déi Beetebuger Kläranlag, déi Enn der 70er Joren a Betrib geholl ginn ass, dem Uwuesse vun der Populatioun net méi konnt gerecht ginn.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

Ech wëll och drun erënneren, datt d'Regierung an hirem Regierungsaccord vun 2004 sech zu enger nohalteger Waasserwirtschaftspolitik bekannt huet, andeem eis Gewässer géint Verschmutzung geschützt solle ginn. Dës Absicht kann duerch déi konsequent Schaffung vun neien, mä awer och duerch d'Moderniséierung an den Ausbau vu bestehende Kläranlagen realiséiert ginn. An dësem Kontext wollt ech just zwee Beispiller ervirhiewen, nämlech déi Hesper an déi Beggener Kläranlagen, déi am Moment ausgebaut a moderniséiert ginn.

Här President, dëst ass och den Objektiv vum virleiende Gesetzesprojet iwwert d'Moderniséierung an den Ausbau vun der Beetebuger Kläranlag. Dësen Text ass de 14. Juni 2005 vum Här Innenminister, dem Här Jean-Marie Halsdorf, op de parlamentaresche Wee bruecht ginn, nodeems de Statsrot schonn den 3. Mee 2005 e positiven Avis ofginn huet. An der Sëtzung vun der parlamentarescher Kommissioun vum 13. Oktober gouf de Rapporteur bestëmmt; des Weidere sinn de Projet esouwéi den Avis vum Statsrot am Detail analyséiert ginn. De schrëfleche Rapport ass an der Sëtzung vum 16. November 2005 ugeholl ginn.

Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, de virleiende Projet autoriséiert de Stat, fir um Financement vum Ausbau an der Modernisatioun vun der Beetebuger Kläranlag ze participéieren. An ech soen et gläich: De Gesamtkäschtepunkt vum Projet beleeft sech op 36,4 Milliounen Euro, wouvun d'Regierung iwwert de Wee vum Fonds pour la gestion de l'eau vum Innenministère 90% – Dat wäert jo nach esou sinn! – wäert iwwerhuelen. Dat sinn 32,8 Milliounen Euro bei engem semestrielle Bauintex vun 600,88 op den 1. Oktober 2004.

Dat ass eng Kläranlag, déi 1979 a Betrib geholl ginn ass, mat deemools enger Capacitéit vu 70.000 Awunnergläichwäerter. Vläch e Wuert zum Begrëff Awunnergläichwäerter, well en ëmmer erëmkënnt: Et gëtt vun Awunnergläichwäerter am Sënn vun Ofwaasserquantitéit an am Sënn vun Ofwaasserqualitéit geschwat.

Oftwaasserquantitéit, do entsprécht den Awunnergläichwäert deene Litteren Oftwaasser, déi en duerchschnëttlechen Awunner pro Zäiteenheet produzéiert, dat heescht 140 Liter pro Awunner pro Dag. An Oftwaasserqualitéit, hei entsprécht den Awunnergläichwäert dem Verschmutzungsgrad vum Oftwaasser, a gëtt ausgedréckt am Sauerstoffverbrauch, deen de Bakterië muss zougefouert ginn, fir de Knascht vum Oftwaasser vun enger duerchschnëttlecher Persoun an enger Zäiteenheet ze verschaffen. Esou Erklärunge gëtt ee gewuer, wann ee sech mat der Technik e weéneg ausernee gesat huet.

Ech hu schonn op déi demographesch Entwécklung am Beetebauerger Raum an am Réiserbann higewisen, déi an de leschte Joren op eng exponentiell Aart a Weis an d'Luucht gaangen ass. Mat enger Capacitéit vu 95.000 Awunnergläichwäerter dréit déi erweidert Kläranlag dëser Evolution an engem grouse Mooss Rechnung, well d'Anzugsgebitt vun der Kläranlag sech op d'Gemenge Beetebuerg, Réiser, Keel, Diddeleng a Rëmeleng, wéi och op zwou franséisch Gemengen - Tresseng an Oetteng - ausdehnt.

Et ass virun allem den Uschloss vun den Uertschafte vun der Gemeng Réiserbann, deen 1996 sän Ufank fonnt huet an deen 2008 sän Ofschloss wäert fannen, deen den Ausbau vun der Beetebauerger Kläranlag noutwendeg gemaach huet. Déi nei Capacitéiten, déi duerch dëse Projet geschafe ginn, enthalen eng Reserv, fir och an de kommende Joren nach weider ausbauen ze kënnen, wann et da sollt néideg sinn.

Niewent dem demographesche Facteur spillt och e reglementaresche Facteur bei der Moderniséierung vun der Beetebauerger Kläranlag eng grouss Roll. Mat dësem Projet gëtt d'Beetebauerger Kläranlag konform zur europäescher Direktiv 91/271 vum 21. Mee 1991 gesat. Dës Direktiv schreift Grenzwäerter vir, an zwar fir sämtlech Komponenten, déi zur Bildung vun der sou genannter Biomass, also Sauerstoff zierend Planzen am Waasser, bäidroen. An der Natur gëtt d'Bildung vu Biomass haaptsächlech vun der Presenz vun Phosphor a vu Stéckstoffverbindunge gesteiert. Dës zwou Komponente gi bei der Denitrificatioun a bei der Phosphoreliminatioun aus dem Oftwaasser geholl.

D'Kläranlag vu Beetebuerg entsprécht nom Ausbau deenen europäeschen an nationale Virschreften, wat virun allem der Uelzechtzegutt kënnt. Heibäi sief gesot, dass den Ausbau vun der Kläranlag vu Schëffleng nëmmen en éischte Schrëtt war. Mat Beetebuerg, Hesper, Beggen a geschwënn och där vu Miersch kënnen mer eis Anlagen am Uelzechtdall op de leschten technesche Stand setzen.

Allerdéngs sollt een net vergiesen, dass et weiderhi wichteg wäert sinn, och um Niveau vun de Gemengen, de Bau vun de sou genannte Reeniwwerlafbecken an eise Kanalnetzer weiderzeféieren. Ausserdeem muss och d'Gewiicht op d'Eliminatioun vum sou genannte Friemwaasser geluecht ginn - dat ass proppert Waasser aus punktuellen oder diffuse Waasseroderen -, fir dass mer de gudden Zustand vun de Gewässer erëm kënnen erreechen.

D'Modernisatioun vun der Kläranlag spigelt sech an éischter Linn am Bau vu méi groussen Décantationsbaséngen erëm, an dat souwuel um éischte wéi um zweete Grad vum Traitement. Déi zweet Moderniséierungsphas gesäit den Ofrëss vu bestehende Strukturen vir wéi och d'Schafung vun engem Désableur, engem Dégraisseur an engem Décanteur primaire. D'Loft gëtt duerch Biofiltere gereengegt. D'Hauptgebai vum Service gëtt och engem Lifting ënnerzunn.

Wat d'Kläranlag Beetebuerg ueget, bleift nach den Aspekt vun der sënnavoller Notzung vun der Energie an den Aspekt vun der Klärschlammbehandlung unzeschwätzen. De Klärschlamm aus der mechanescher Rengegung, de Primärschlamm, an deen aus der biologescher Rengegung, de Sekundärschlamm, gëtt op der Plaz, souwäit méiglech, entwässert an dann am Faulbehälter behandelt. Heibäi entsteet Gas, haaptsächlech Methan, dee fir d'Produktioun vun Energie um Site vun der Kläranlag genotzt gëtt.

De Gas dreift an engem sou genannte Blockheizkraaftwierk Maschinnen un, déi Stroum produzéieren an Hëtzt generéieren. Am Wanter gëtt dës Energie op der Anlag fir d'Hëtze vum Betribsgebai a vum Faulbehälter gebraucht, am Summer gëtt d'iwwerschësseg Hëtzt fir eng weider Ausdréchnung vum Klärschlamm genotzt. Iwwerschëssege Stroum gëtt an d'Netz vun der Cegedel agespeist. De fäerdeg ausgedrëchente Klärschlamm kann als sekundäre Brennstoff eventuell an der Zementproduktioun verwäert ginn. D'Baséng ginn op eng Héicht vun zwee bis dräi Meter iwwert dem Buedem gebaut, wat d'Käschte vum Projet dréckt an d'Aarbechte wesentlech vereinfacht.

Et bleift schlussendlech ervirzehiewen, dass de ganze Projet éischter e Projet ass, dee sech op seng Basisfunktioen konzentréiert an deen duerfir iwwerflësseg architektonesch Spillereien op der Säit léisst.

Här President, ech sinn um Enn vu mengem Rapport ukomm, vun deem ech hoffen, dass e fir jiddferen an dësem Haus komplett a prezis war. Dëse Projet ass e wichtige Bausteen am Bestriewe vun der Regierung, fir de Bierger aus de concernéierte Gemengen, déi d'Uelzechtzegutt, e gesond Ëmfeld ze garantéieren. Mir sinn dat deem längste Floss, deen an eiser Nationalhymn veréiwegt ass, an eise Land schëlleg.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Madame Rapportrice. Éischt Riednerin ass déi honorabel Madame Christine Doerner. Madame Doerner!

Discussion générale

Mme Christine Doerner (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat Allerwichtigst bei kommunale Kläranlagen ass d'Qualitéit vum laangfristegen, iwwerluechtene Standuert!

Plusieurs voix. - Ah! Très bien. Voilà!

(Interruptions)

Mme Christine Doerner (CSV). - Net, well esou eng Anlag schlecht géif richen oder soss aner Geräischer géif maachen, oder awer well zu Beetebuerg - wat richtig ass - d'Waasser de Bierg op an d'Bassiné fléisst,...

(Hilarité)

...mä, ganz einfach, weinst der regionaler Zesummeffaassung vu verschiddenen Entwässerungsgebieder.

Ech kennen de Südgemengen hire Realitéitssënn. Well fir si Selbstverantwortung eng Selbstverständlechkeet ass, hunn d'Gemenge Beetebuerg, Diddeleng, Keel, Réiser an och Rëmeleng sech schonn 1980 zesummegeschloss an tëschent Beetebuerg a Peppeng eng Anlag gebaut, déi net nëmme vun engem kommunale Syndikat käschtegëschteg géréiert an exploitéiert gëtt, mä och elo gemäss deene gängegen europäeschen Oftwaassertechniken ausgebaut a moderniséiert gëtt.

Dem STEP, presidéiert vum Rëmenger Buergermeeschter, dem

Här Will Hoffmann, ass et à tout prix drëms gaangen, dëser Kläranlag eng Entwécklungscapacitéit fir déi nächst 20 Joer ze garantéieren. Déi honorabel Rapportrice, d'Madame Marie-Thérèse Gantenbein, huet haut de Mëtteg dee besonnesche Verdéngscht, eis mat grousser Sachkenntnis an Iwwerzeegung...

Une voix. - Oooohhh!

(Hilarité)

Mme Christine Doerner (CSV). - ...déi technesch, déi ekonomesch an déi finanziell...

M. le Président. - Ech weess net, wat et do ze laache gëtt! Ech mengen, mir sollen alleguerten nolauscheren. De Projet ass seriö genuch!

(Brouhaha général et hilarité)

Mme Christine Doerner (CSV). - ...Aspekter vun dësem Projet virgestallt an dokumentéiert.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Dir dierft dann awer net emol grinsen!

(Hilarité)

M. le Président. - Här Gibéryen, d'Madame...

M. Gast Gibéryen (ADR). - Wann Dir eis d'Laache verbitt, dann dierft Dir awer net grinsen!

M. le Président. - Ech hätt nëmme just gären - d'Laachen ass net verbueden -, dass mer der Madame Doerner an hiren Ausféierung geife nolauscheren.

(Brouhaha général)

Mme Christine Doerner (CSV). - Op jidde Fall hu mir aus de Riede vun der Madame Gantenbein festgestallt, dass si mat dëser Thematik vertraut ass,...

Une voix. - Jo!

Mme Christine Doerner (CSV). - ...well et ass am Fong geholl ënner hirer Regie, wou eng héich modern Kläranlag vun engem anere Gabarit, engem anere System, och elo zu Hesper gebaut gëtt.

Un den Zuelen hu mir awer och festgestallt, dass et sech hei bei der Beetebauerger Anlag ëm en héije finanziellen Invest handelt. An der Budgetsanalys, déi mer dës Woch an dësem Sall héieren hunn, si Stéchwierder gefall vu vertriebarten, finanzéierbaren Infrastrukturen, déi den honorable Rapporteur, den Här Negri, a sengem androcksvolle Rapport...

(Interruptions)

...ënner Soutenabilité financière définéiert huet. Nom Budgetsminister senger pondéréierter Ried konnte mir feststellen, kouw eraus, dass mir hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer an enger finanziell gudder, privilegiierter Situatioun sinn.

(Interruption)

Mä och am Grand-Duché stousse mir u finanziell Grenzen, a mir dierfen eis net dru gewinnen, permanent iwwer eis Verhältnissen ze liewen. Op Dauer kann dat net gutt goen. Ouni elo, wéi de Minister gesot huet, op hektesch improviséiert Spuermoosnamen zréckzegräifen, huet awer eise Finanzminister gemengt, dass mir d'Defiziter vum Stat a vun de Gemengen eescht huele müssen.

Ech kommen zréck op d'Beetebauerger Kläranlag.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Et ass net fir ze laachen heibannen!

(Interruptions et hilarité)

Mme Christine Doerner (CSV). - Hannert dësem ambitieise Projet stécht awer méi wéi en einfache Finanzéierungskonzept vun enger neier, genormter Klärtechnik. Bei dëser intelligenter Planung huet de STEP, zesumme mam Waasseramt, och un d'Zauberwuert Nohaltegkeet geduecht. Well de Sekretär vum STEP, den Här Hübsch, huet mir bestätegt, dass d'Holzvergasung net déi eenzeg Méiglechkeet ass, fir aus de Biomassen Energie ze gewannen,...

Une voix. - Gutt!

(Hilarité)

Mme Christine Doerner (CSV). - ...mä dass och bei der Vergärung vu Klärschlamm - chose étonnante! - Gas entsteet.

(Hilarité)

Une voix. - Wësst Der wat, dat do ass mir och nei.

(Interruptions)

Mme Christine Doerner (CSV). - Dëse Klärgas gëtt a wäert a Stroum ëmgewandelt ginn.

(Hilarité)

Duerfir gëtt zu Beetebuerg e Pilotprojet vun enger Solartrockenanlag gebaut - där si schonn 300 an der Schwäiz -, an d'Capacitéit vun dëser Stroumanlag soll d'Intermoselle zu Rëmeleng mat Stroum versueren. Esou kann eng kostspieleg Kläranlag zu engem alternativen Investitionsobjekt ginn, an dat ganz am Sënn vu Kyoto. Wann elo zu Beetebuerg 2008 dës Kläranlag a Betrib geholl gëtt, kënnt si net nëmmen hirer primärer, elementarer Entsuerungspflicht no, mä ass och ekologesch an ekonomesch sënnavoll fir d'Propperhale vun eiser Natur, der Ëmwelt an der Waasserwirtschaft.

Une voix. - Dat huet hatt emol gutt gesot!

Mme Christine Doerner (CSV). - No all dësen Ursaachen, déi mer opgezielt hunn, mengen ech, kéinte mir dëse Projet stëmmen, an ech hunn och den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

Plusieurs voix. - Très bien!

M. le Président. - Merci, Madame Doerner. Den nächsten Orateur ass den honorabelen Här Meisch. Här Meisch!

(Interruptions)

M. Claude Meisch (DP). - Ech kann Iech wahrscheinlech net esou gutt ënnerhalen, wéi meng Virriednerin, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, trotzdem wollt ech awer nach e puer Gedanken an d'Diskussioun bréngen, wat d'Moderniséierung an den Ausbau vun der Beetebauerger Kläranlag ubelaangt.

Den Ausbau vun enger Kläranlag, dee sécherlech net nëmmen zu Beetebuerg noutwendeg ass, mä do fir déi Gemengen noutwendeg ginn ass, déi dorunner ugeschloss sinn, well se sech am Laf vun deene leschte 25 Joer ganz favorabel développéiert hunn a vill Awunner bäikritt hunn, a soumadder och vill méi knaschtegt Waasser maachen. Duerfir war et eng Noutwendegkeet, fir déi Kläranlag do auszubauen.

Wann ee kuckt, wat do vu Chiffere müssen investéiert ginn, fir d'Capacitéit vu 70.000 Awunner op an Zukunft 95.000 Awunner eropzesetzen, da sinn dat schonn - wéi virdu richtig gesot ginn ass - ganz impressionabel Chifferen. Do wäert de Stat mat deem Projet de loi, dee mer hei stëmmen, 32.800.000 Euro bäileeën, vun engem Gesamtkäschtepunkt vun iwwer 36 Milliounen Euro. Also 90% dovunner ginn hei bei dësem Projet nach ëmmer vum Stat matfinanziert.

Et muss ee sech awer d'Fro stellen, wéi an Zukunft och d'Gemengen d'Méiglechkeet hunn, fir nach esou Projeten ze realiséieren, wann 90% net méi dee Montant ass, deen da bei esou groussen Infrastrukturprojete vum Stat bäigesteiert gëtt. Mä et ass jo och gëschter hei nach eng Kéier preziséiert ginn, dat déi staatlech Subside bei Investitionsprojeten vun de Gemengen an Zukunft sollen erofgoen. Mer wësse jo och, dat do nach ëmmer déi Waasserdirektiv iwwer eis schwieft, déi och hei zu Lëtzebuerg eng Kéier wäert ëmgesat ginn, wou dann déi staatlech Subsiden drastesch wäerten erofgoen. Mir müssen awer gläichzäitig op där anerer Säit kucken, dat d'Gemengen dee Finanzspillraum dann och hunn, fir déi Aufgab do selwer an Zukunft kënnen ze iwwerhuelen.

Wichtig wär et an deem Zesummenhang ze wëssen, an duerfir vläicht eng Fro un den zoustännegen Innenminister, wéi vill Kläranlagen eigentlech nach mussen ausgebaut a moderniséiert ginn, well se net méi konform sinn. Well mer hunn am Projet de loi gelies, dat dëse Projet och huet misse realiséiert ginn, net nëmme well d'Kläranlag ausbaunoutwendeg war, mä och, well eng Modernisatioun noutwendeg war, fir dat d'Waasserkklärung, déi do geschitt, eben och der EU-Direktiv vum 21. Mee 1991 erëm konform wär, wat also offensichtlich net de Fall war.

Meng Fro ass elo: Wéi vill aner Kläranlage sinn zu där doter EU-Direktiv net konform respektiv wéi vill aner Kläranlage mussen nach gebaut ginn? An da gesi mer jo och, wat fir eng finanziell Laascht do nach op de Stat respektiv op déi concernéiert Gemengen duerkënnt. Mir als Demokratesch Partei wäerten op jidde Fall dëse Projet de loi matstëmmen.

Ech wëll bei darselwechter Geleeënheet och der Rapportrice, der Madame Marie-Thérèse Gantenbein, nach eng Kéier villmoos Merci soe fir hir Aarbecht. Si ass op ganz vill Detailler, och technesch Detailler, agaangen. Se huet eis presentéiert ëm wat et sech hei am Detail handelt. Hir also e Merci a Félicitatioun fir hire schréftlechen a mëndleche Rapport.

Mir, als Demokratesch Partei, wäerten, wéi och an der Vergaangenheet, wann et ëm de Waasserschutz goug, mat op Ärer Säit stoen. Net ëmsoos hate mir an eise Wahlprogramm, fir d'Wahle vum 13. Juni 2004, stoen: „Die Qualität und der Schutz unserer Gewässer bleibt für die DP eine prioritäre Aufgabe, wobei der Bau und die Modernisierung von Kläranlagen sowie der Erhalt der diversen Wasserbiotope Vorrang haben. In puncto Kläranlagen müssen die Defizite an der Mosel, längst den Grenzgewässern der Sauer sowie im Ourltal weiter behoben werden.“ Et bleift also eiser Meinung no nach esou munches ze maachen. Dat heite kann och nëmmen den éischte Schrëtt an déi Richtung sinn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix. - Très bien!

M. le Président. - Merci, Här Meisch. D'honorabel Madame Mutsch huet d'Wuert. Madame Mutsch!

Mme Lydia Mutsch (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an dësem Projet, deen eis am Allgemengen enger besserer Qualitéit vun eise Oftwaasser am Land méi no bréngt an am Speziellen dem Nohuelbedarf an der Moderniséierung vun eise Kläranlagenetz e Schrott virubréngt, wëll ech aganks direkt den Accord vun eiser Fraktioun matbréngen. Well meng Virriedner, am Speziellen awer d'Rapportrice, d'Madame Marie-Thérèse Gantenbein-Koulen, ganz am Detail op dëse Projet agange sinn, kann ech mech hei op déi Haaptpunkte limitéieren, déi zu dësem Projet de loi schonn ervirgestrach gi sinn.

Ganz wichteg ass hei ervirzehiewen, dass an dësem Kontext ganz schnell konnt geschafft ginn. Am Juni huet den Här Minister dëse Projet déposéiert. Den 3. Mee hat de Conseil d'État scho säin Avis derzou ginn. Den 13. Oktober ass d'Kommissioun vun den Affaires intérieures zesummekomm an huet d'Rapportrice, an dësem Fall d'Madame Gantenbein, designéiert, déi schonn de 16. November - also praktesch direkt no der grousser Vakanz - konnt hire Rapport an deem Detail, gradewéi mer en elo grad hei och mëndlech presentéiert kritt hunn, presentéieren.

Dat ass ganz wichteg an engem Beräich, wou et drëm geet, fir schnell ze schaffen, well soss, am anere Fall, déi Gemengen, déi hei d'Initiativ geholl hunn, laang am Viraus missten e Prefinanzement maachen. Émsou méi erfreesch ass et, dass hei Hand an Hand mam Ministère geschafft gouf, a mer am Nachhinein och kënne feststellen, dass e Syndikat, wou eng gutt Gestiou an e gudde Fonctionnement ass, e gutt Zesummeschaffe mat de staatlechen Instanzen och méi einfach méiglech mécht.

Also resüméiert: Et ass schnell geschafft ginn! Et ass der demographescher Entwécklung an engem Deel vum Land Rechnung gedroe ginn, dem Süden, a virun allem dem Réiserbann, wou d'Zuel vun den Awunner rapid amgaangen ass ze steigen. An dësem Fall ëmsou méi, wou mer wëssen, dass mer nach am Joer 1979 vun engem Awunnerstand vu 70.000 ausgaange sinn, dee sech elo op 95.000 entwéckelt huet. Émsou méi war et wichteg, fir dës Moderniséierungsarbechte virzehuelen, a se och hei ze félicitéieren, dass déi Zesummenaarbecht tëschent Syndikat a Ministère konnt schnell dëser Entwécklung Rechnung droen.

Dozou kënnt nach, dass de Gesamtkader, dee mer vun den europäeschen Instanze gestallt kréien, fir no an no eng Moderniséierung vun den Infrastrukture virzehuelen, déi zu enger Gesamtopwäertung

vun eiser Ofwaasserqualitéit féiert, dass mer eis och da kënnen en règle setzen.

Dobäi ass jo och ze bemierken, dass mer net nëmmen hei vun engem Projet schwätzen, deen d'Gemengen am Réiserbann matenee verbënnt - mir schwätze jo vu Beetebuerg, Keel, Diddeleng, Réiser a Rëmeleng -, mä dass et sech och ëm e Projet transfrontalier handelt, well och zwou franséisch Gemengen unhängelech sinn, an zwar d'Gemengen Tréisseng an Oeteng. Mir mussen eis ëmmer méi an eng Logik och vun der internationaler Zesummenaarbecht, haaptsächlech wat eist Ofwaasser ubelängt, erabewegen. Och dëser Entwécklung huet dëse Projet de loi Rechnung gedroen.

Vläicht ofschléissend nach eng Remarque. Mir sinn et scho bal gewinnt, dass an där Regioun, wou dëse Kläranlagesyndikat en Deel dervunner ass, nämlech de Süden, oft déi wichteg a richteg Trende gesat gi sinn, wat den Ëmgang mat där komplexer Matière vun der Ofwaasserqualitéit am Allgemengen an der Ëmweltproblematik am Speziellen ubelaangt. Hei sinn oft d'Jalonë richteg gesat ginn an der Vergaangenheet!

An och hei ass et nees de Fall, dass et der Wäitsicht vun engem Syndikat ze verdanken ass, wou mer wahrscheinlech ëmmer méi zu enger Zesummenaarbecht vun deenen dräi Syndikater am Süde wäerte kommen, dee sech mat de Kläranlage beschäftigt, dass dëse Projet schnell konnt op den Instanzenzwee kommen. Souwuel d'Garantie konnt erbruecht ginn, dass der Komplexitéit vun der Matière Rechnung gedroe gëtt, souwéi virun allem och, dass déi schnell Abtribnam vun enger moderner Installatioun kann op 2008 projezéiert ginn. Dat ass, mengen ech, ganz wichteg.

Et kann een hei nach eng Kéier ënnersträichen, dass et am Süden ni vergiess ginn ass, fir zur richteger Zäit déi richteg Jalonon an dësem esou wichtege Beräich vun der

Landesentwécklung ze setzen, an dass mer och an Zukunft wäerten de richteg Moment huelen, fir ze gesi wéini et esou wäit ass, dass eng Zesummenaarbecht an där komplexer Matière nach méi intensiv muss gestalt ginn, tëschent deenen eenzelne Syndikater mam Ministère zesummen.

Vun eiser Säit aus nach eng Kéier eisen Accord fir dëse Projet. Eis Félicitatiounen un dëse Syndikat, deem säi Fonctionnement net méi muss ënner Beweis gestallt ginn, an deem seng gutt Zesummenaarbecht mir nach eng Kéier hei wëllen an dësem Kontext ervirsträichen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Mutsch. Den nächste Riedner ass den Här Camille Gira. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Här President, et kéint een tatsächlech dëse Projet vun der Kläranlag Beetebuerg als Ophänker huele fir e weiden Exkurs iwwert d'Waasser- an d'Ofwaasserpolitik vun dëser an der viregter Regierung. Do wier och ganz vill ze soen. Ech verzichten awer haut dorop. Mir kréie jo anscheinend am Februar d'Geleeënheet am Kontext vun enger Interpellatioun zum Thema Waasserpolitik dat am Detail ze maachen.

Just ee Saz vun eiser Säit: Wann een den Zoustand vun der Uelzecht a vun der Ënnersauer kennt, da muss een dëse Projet stëmmen, an dat wäert déi gréng Fraktioun selbstverständlech maachen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Gira. Als leschte Riedner ass den honorabelen Här Gibéryen age droen.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, vun eiser Säit aus

wëll ech och direkt d'Zoustëmmung zu dësem Projet bréngen an der Rapportrice, der Madame Marie-Thérèse Gantenbein, Merci soe fir hire schrëftlechen an hire mëndleche Rapport.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass a quasi regelméissegen Ofstänn, dass mer hei an der Chamber iwwer esou Projeten an deene leschte Joren diskutéieren, well et ass öfters de Fall, dass mer hei Investitiounen an d'Ofwaasser-sanéierung stëmmen, déi eng gesetzlech Basis brauchen an duerfir hei an d'Chamber kommen.

Dëse Projet kascht ëmmerhin de Montant vun iwwer 36 Milliounen a gëtt zu 90% vum Stat subventionéiert oder finanzéiert, wat ëmmerhi fir de Stat dann 32,8 Milliounen ausmécht, wat wéi gesot e ganz bedeitende Montant ass. Et ass wichteg, dass mer systematesch an déi doten Infrastrukturen hei am Land investéieren. Dat geet nach zréck op eng Zäit, mengen ech, wéi de Josy Barthel Waasserkommissär war. Do hu mer hei am Land déi éischt Démarchen ugefaangen ze maachen, déi an déi dote Richtung gaange sinn.

Et ass an deene quasi 30 Joer scho villes hei am Land geschafft ginn, mä mir wëssen awer, dass mer nach e groussen Nohuelbedarf hei am Land hunn. Wann een och an de Rapport kuckt vum Ministère vum Intérieur, gesäit een, dass fir déi Projeten, déi elo nach um Lafe si fir déi nächst zéng Joer, ronn 500 Milliounen Investitiounen virgesi sinn. Am Ganze leien elo nach Idien oder Projëtë vir an der Héicht vun 800 Milliounen Euro, déi nach missten an déi Kläranlagen investéiert ginn.

Ech sinn awer iwwerzeegt, dass dat net den Total vun de Montanten ass, well mer wëssen, dass d'Augmentatioun vun eiser Populatioun mat sech bréngt, dass och an Zukunft bestehend Kläranlage wäerten ausgebaut musse ginn. Mir wëssen, dass net nëmme Kläranlage musse gebaut ginn, mä datt och do, fir an d'Kläranlagen ze

kommen, Kollektore musse gebaut ginn, déi och zu 90% vum Ministère, vum Stat subventionéiert ginn, an datt mer op där anerer Säit och där Reeniwwerlafréckstaubecke musse bauen, déi och vum Stat zu 90% subventionéiert ginn.

Als Nach-President vun engem Kläranlagesyndikat weess ech, wat och déi Réckstaubecke kaschten: Déi komme bis eng Millioun Euro d'Stéck. Esou vill muss do investéiert ginn, eleng fir esou en Uschloss vun engem Uertskanal un e Kollektor ze maachen, woubäi hei am Land déi meescht Gemengen, déi eng Kläranlag a Kollektoren hunn, awer nach net déi Réckstaubecke gebaut hunn, oder eng al Form vu sou genannten Iwwerlafbecken, wéi mer se virun zéng, 15, 20 Joer gebaut hunn, do stoen hunn, déi elo alleguerten am Fong erneiert beziehungsweise deenen neiesten techneschen Normen entsprechend misste gebaut ginn.

Esou datt mer wëssen, dass déi Kreditter, déi mer elo virgesinn hunn, Montante sinn, déi bei wäitem net wäerten der Realitéit entsprechen.

E weidere Problem, deen ech hei uschneide wëll, dat ass, dass d'Gemenge respektiv an dësem Fall d'Syndikater e Prefinanzement maache vun deenen 90%. Ech mengen, et steet ëmmer an dem Gesetz oder och an den Engagements, déi de Minister vis-à-vis vun de Gemengen oder de Syndikater hält, dee schéine Saz: «suivant les disponibilités budgétaires», mä ech mengen, d'Gemengen an d'Syndikater wiere gutt beroden, esou Projeten eréischt unzegoen, wa se vum Minister d'Zouso kréien, dass déi néideg Kreditter, déi se brauchen, och zu deem Abléck do sinn, wann d'Projete gebaut si ginn, well weder eng Gemeng nach e Syndikat laangfristeg esou e Prefinanzement an der Héicht vun 90% vun deenen Zomme kéint maachen, wa mer wëssen, dass och d'Finanze bei de Gemengen net einfach sinn, an déi éischt Gemengen si jo elo amgaangen hire Budget opzestellen.



Chambre
des Députés
L U X E M B O U R G

Chamber TV
weist all
öffentlech Sëtzung
live an integral

An der Stad
um Kanal S29 (Coditel) oder
um Kanal S40 (Eltrona/Siemens)

Zu Esch
um Kanal S24 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Déifferdang
um Kanal S29

An der Gemeng Diddeleng
um Kanal S32

An der Gemeng Bartreng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Walfer
um Kanal S29 / 367.25 Mhz

Zu Biwer an zu Wecker
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Bous
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Bërmereng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Konter
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dippech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dikrech
um Kanal S19 / 287.25 MHz

Zu Iermsdref
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Esch-Sauer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Nidder- an Uewerfeelen
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Gréiwemaacher
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Hieffenech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Et stellt ee fest, datt et bei de Gemengen ëmmer méi enk gëtt. Ech ka mer net virstellen, datt d'Gemengen esou Prefinanzementer vun esou dach fir déi meescht Gemengen enorme Chiffere kënnen maachen. Duerfir muss do eng Ofsprouch kommen tëschent dem Ministère, de Syndikater respektiv de Gemengen, datt déi Suen eréischt kënnen engagéiert ginn, wann och vu staatlecher Säit déi Sue prett sinn, fir se eben direkt kënnen zrëckzefinanzéieren, wat - dat kann ech aus der Praxis soen - bis elo och ëmmer esou fonctionnéiert huet.

Här President, ech mengen, datt mer an eis Kläranlagen investéieren, well mer déi europäesch Waasserichtlinn kucken, déi hei zu Lëtzebuerg nach net ganz ëmgesat ass, duerch déi mer wëssen, dass am Fong bis 2015 all Ofwaasser hei am Land an engem gudden Zoustand misst sinn, a mer wëssen och, datt mer e Problem wäerte kréien, fir déi Richtlinn, wa mer se bis ëmgesat hunn, och ze respektéieren. Virun allem och, well mer wëssen, wéi d'Finanzsituatioun haut vum Stat ass.

Dobäi, mengen ech, muss een dann och wëssen, datt et awer eng gutt Investitioun ass. Meng Virriedner hunn dat schonn hei ënnerstrach. Et ass am Fong och e bëssen traureg fir e Land wéi Lëtzebuerg, wat zwar ëmmer op Tourismus setzt an och gären Touristen heihinner géif kréien, dass et deenen Touristen awer da verbitt, an d'Waasser schwammen ze goen, well mer d'Waasser eben net deene Qualitéitsnormen entsprechend kënnen ubidden, wéi dat nun emol ebe ka verlaangt ginn.

Duerfir ass dat heite schonn eng wichtig Investitioun, an et ass eng vun deenen Investitiounen vun deene mir als ADR an der Vergaangenheet ëmmer gesot hunn, dass se bei eis méi Prioritéit hätt misse genéissen, wéi dat de Fall war.

Et ass traureg, datt mer an all deene Joren, wou et dem Land esou gutt gaangen ass, et net fäerdeg bruecht hunn, fir onst Land flächendeckend mat Kläranlagen ze equipéieren. Haut, wou et méi schlecht geet, gesi mer, datt mer nach en Nohuebelbedarf kréien, dee wäit doriwwer wäert ewechgoen, well mer europäesch gesi gezwonge ginn oder eis engagéiert hunn, fir eist Ofwaasser an eng uerdentlech gutt Qualitéit ze setzen.

Dat gesot, Här President, wëll ech nach eng kéier d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun fir dëse gudde Projet bréngen.

Une voix. - Très bien!

M. le Président. - Merci, Här Gibéryen. Fir d'Regierung huet den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf d'Wuert.

M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no deenen interessanten Interventiounen, déi ech haut de Mëtteg hei héieren hunn, géif ech mech och gären deem uschléissen, wat de Camille Gira gesot huet, an zwar, dass mer eng exhaustiv Diskussioun iwwer eis Waasserpolitik hei zu Lëtzebuerg wäerte bei der Interpellatioun am Ufank vum nächste Joer maachen.

Ech wëll haut éischter vläicht am Sënn vun dësem Gesetz, wat jo eng Loi de financement ass, kuerz iwwert d'Finanzen e bësse schwätzen, déi et am Beräich vun de Kläranlagen hei zu Lëtzebuerg gëtt.

Datt mer do eng flächendeckend Strategie hunn, Här Gibéryen, dréckt, mengen ech, d'Tatsaach aus, dass et am Land am Ganzen 177 mechanesch an 107 biologesch Kläranlage gëtt. Et gesäit een also: Lëtzebuerg huet eng Struktur!

Wat elo hei am Land natierlech de Problem ass, dat ass, dass déi Kläranlage mechanesch sinn, an da kënnt eng biologesch Struktur, an da kënnt eng drëtt Phas. De Problem ass, dass mer eben déi drëtt Phas nach aféiere missten, déi drëtt Phas, déi ebe mécht, dass de Stickstoff aus dem Waasser geholl gëtt. Dee Stickstoff kënnt ganz vill duerch d'Düngung vun de Felder. Déi drëtt Phas mécht och, dass de Phosphor aus de Gewässer erauskënnt, fir d'Eutrophéierung ze stoppen. Dat ass am Fong geholl, géif ech soen, de qualitative Sprong, dee mer maache mat deenen neie Kläranlagen, där mer scho muncher hei an der Chamber gestëmmt hunn.

Ech erënnere mech drun, dass mer am Joer 2003, den 9. Juli, déi Kläranlag vum Heischertergronn hei diskutéiert hunn. Do war eng Kläranlag mat Problemer, a mäi Virgänger, de Michel Wolter, huet a mengen Aen déi gutt Décisioun geholl, déi Kläranlag ze bauen. Dat gëtt där ganzer Géigend vun der Uewersauer, vum ganze Stauséi Méiglechkeeten e wirtschaftlechen Développement ze kréien, deen net méiglech wier, wa keng Kläranlag an deem Eck vum Land wär. Et ass also eng gutt Décisioun, déi natierlech 59 Milliounen Euro kascht.

(Interruption)

Här Grethen, fir mech ass se ganz gutt.

(Interruption)

Gutt, also ech hunn lech elo meng Meinung gesot; Dir hutt och eng Meinung. Dir sidd zu 60; ech ginn dovunner aus, dass 60 Leit eng Meinung heibannen hunn.

Ech weess awer och, dass mer um Enn, wéi déi Mandatsperiod eriwergaangen ass am Mee 2004, Kläranlage vu Beggen a vun Hesper hei gestëmmt hunn, déi och ugeschwat gi sinn, wou en décke Batz Suen investéiert ginn ass, an zwar 93,4 Milliounen eleng fir Beggen. Dat muss ee sech emol virstellen, zum Index vum Joer 2003! Dat war fir Beggen. Mat de Sue fir Hesper – wou d'Madame Rapportrice jo Buergermeeschtesch ass –, déi sech, och mam Index vum 2003, op 14,9 Milliounen belafen, si vill Suen investéiert ginn. Hei, mat Beetebuerg ginn nach eng kéier 36,4 Milliounen investéiert.

Et ass also vill geschafft ginn an och – mengen ech – schnell geschafft ginn, wat d'Madame Mutsch jo virdrun ugeschwat huet. A wann een nokuckt, gesäit een, dass zënter 1999 bis haut järelech tëschent 19 an 28 Milliounen Euro investéiert gi sinn oder Gelder erausgeholl gi sinn aus dem Waasserfong, wat e Batz Suen ass a wat weist, dass mer scho munches gemaach hunn, dass awer och nach viles ze maache bleift.

Wat haut an hei gemaach gëtt mat dëser Kläranlag, dat ass sécherlech och eng Respektéierung vun där europäescher Direktiv 91/271/CEE, déi vun der Rengung vun den Ofwässer, fir eis am Fong geholl do ze conforméieren. Déi ass och 1994 duerch e Règlement grand-ducal hei ëmgesat ginn, an ech wollt gär dorop agoen, well an där Direktiv steet, dass kleng Agglomerationen tëschent 2.000 an 10.000 Awunner gläich wäerte mussen en appropriéierte System vu Kollekten a vum Behandle vum Ofwässer opweisen, an zwar bis den 31.12. dëst Joer, also den 31.12.2005.

Dir gesitt also, dass mer do nach net ukomm sinn, an ech menge wann een nach weess, dass an darselwechter Direktiv och nach steet, dass déi grouss Kläranlagen, esou wéi mir déi hei plangen, sech hätte misse conforméiere bis den 31. Dezember 1998, da gesäit een also, dass mir do e bëssen hannedra sinn.

Ech reeche gären eng Hand an deem Sënn, dass mir duerch d'Waasserwirtschaftsamt eng Hël-

lef kënnen ginn, eng technesch Begleitung kënnen ginn, mä et ass un de Gemengen, déi Investisementer ze tätegen, well dat Ganzt ass jo en Zesummespill zwësche Gemengen a Stat. Do sollte mer eis dann elo schnellstens un de Ball druginn, fir eben deene Kläranlagen, esou wéi där heiten, eng drëtt Rengegungsstuf ze ginn, fir dass se kënnen performant funktionéieren.

Dee Park vun den öffentleche Kläranlagen, dee mer an eisem Land hunn, deckt 90% vun de kommunalen Ofwässer. Déi gi gerengegt. Mir ginn dovun aus, dass, wa mer déi drëtt Stuf hätten, mer kéinte bis 75% vun den Nährstoffer Phosphor a Stéckstoff aus den Ofwässer eraushuelen. Et gëtt véier Kläranlagen am Land, déi deem Prinzip vun der drëtter Stuf entsprechen, dat ass Mamer, Péiteng, Iwwersiren an Esch-Schëffleng. Et besteet also Nachholbedarf - ech hat et ugeschwat -, a mir mussen och elo kucken; an den nächste Jore muss nach vill Geld investéiert ginn.

Ech wollt trotzdem haut bei där Diskussioun e puer Beispiller gi vu Projeten, déi am Rulle sinn, a wat se kascht hunn. Ech hat jo virdrun schonn Hesper ugeschwat, ech hat Beggen schonn ugeschwat. Da kënnt dee Kollekt do derzweeschent, dee kascht eleng 51 Milliounen, dat ass schrecklech vill Geld. Dann hat ech Beetebuerg ugeschwat, da Miersch, wat onbedéngt muss gemaach ginn, an och d'Bleesbréck, déi kaschten 18 respektiv 20 Milliounen Euro. Op Gréiwemaacher kënnt eng Kläranlag fir eis Musel, well do och eppes muss gemaach ginn, an och op Pärel, dat ass jo da fir d'Uewersauer vu Réimech – Uewermusel, pardon –, Réimech, Wellesteen a Rémerschen, do ginn 20 Milliounen investéiert.

Wann een dat alles zesammenzielt – ech hu mech domat emol amüséiert –, da kënnt ee praktesch op eng Véirelsmilliard eleng vu Projeten, déi elo kuerzfristeg am Rulle sinn a wou et keen Zréck méi gëtt; déi mussen investéiert ginn. A wann déi Chifferen, déi virdrun ugeklonge sinn, vun 800 oder 850 Milliounen richteg sinn, muss mer also eng Strategie kréie fir déi nächst Joren, ëmsou méi mer eng integréiert a global Waasserwirtschaft hei zu Lëtzebuerg brauchen a mer och forcéiert sinn, déi ëmzesetzen, duerch d'Waasserrahmrichtlinn vun 2000, déi jo am Ufank vum nächste Joer déposéiert wäert ginn an déi mir wäerten am Detail diskutéieren elo am Januar, Februar hei an der Chamber.

Wann een da weess, dass ee muss no där Richtlinn bis 2015 eis Gewässer chemesch an ekologesch propper kréien, wann ee weess, dass een de Prinzip vu kostendeckenden Wasserdienstleistung muss respektéieren, dat heescht reelle Waasserpräis, dat heescht ganz kloer 2 Euro fir Ofwässer an 1½ Euro fir Drénkwaasser, dat heescht, da muss een also vun 3,5 Euro praktesch ausgoen. Dat kann och elo méi oder manner ginn, dat muss een elo kucken, dat ass just fir en Unhaltspunkt ze ginn. 3,5 Euro muss een dann herno rechne pro Bierger wann déi 1 m³ Waasser oder 1.000 Liter Waasser verbrauchen, ob dat elo iwwer Ofwaasser ass oder iwwer Drénkwaasser. Dat ass eng immens Ausgab fir all eis Gemengen. Esou weess een, dass een do muss eng Strategie kréien, soss packe mer dat net.

Ëmsou méi et och nach de Problem gëtt vun de Kanäl, déi net an der Rei sinn. Mir hunn nach ganz vill Gemengen am Land, déi al Kanalisatiounen hunn. Wann ee weess, dass duerchwegs ee Meter Kanal, wann een d'Strooss géif oprappen an dee bauen a leeën,

1.000 Euro kascht, wann een also zum Beispill eng Gemeng hält wéi déi vun der Rapportrice, d'Gemeng Hesper, wou d'Madame Buergermeeschtesch weess, dass hiert Kanalnetz 70 km huet, wann ee weess, dass ee Kanal 70 Joer hält, da misst een also, fir ëmmer à jour ze bleiwen, 1 km pro Joer ëmmer erneieren. Wann ee Meter 1.000 Euro kascht, da misst d'Madame Buergermeeschtesch also all Joer 1 Millioun Euro an hire Budget setzen, fir de Status quo ze hunn an dem Kanalnetz vun Hesper. Fir aner Gemengen zielt dat och.

Firwat ginn ech lech dat Beispill? Mä fir lech ze weisen, dass mer nach vill Geld brauchen an deenen nächste Joren, fir am Fong geholl deenen Exigenze vun der Waasserrahmrichtlinn gerecht ze ginn. Déi Diskussiounen kënnen mer deemnächst féieren. All déi Problemer kréie mer nëmmen hin, wa Stat a Gemenge sech druginn a wa se wierklech maximalistesche virginn am Beräich vum Waasser. Dat ass natierlech näischt wat ee gratis kritt an dat wäert och net esou einfach ginn. Ech mengen, dass mer awer gewappnet sinn, fir déi grouss Erausforderung, déi mer eis do ginn hunn, ze léisen.

Den Här Meisch hat mech gefrot: Wéi eng nei Kläranlage kommen nach op eis zou oder muss mer nach bauen? Dir wësst, ech hunn et jo gesot, déi vu Mäertert-Waasserbëlleg oder vu Gréiwemaacher, wéi ee wëllt, déi muss nach gebaut ginn; déi vu Pärel och, mä do si mer scho wäit fort. Da kënnt déi vu Miersch-Bierengen, déi ass nach net gebaut, déi vun der Bleesbréck ass nach net gebaut. Da muss mer och nach duerch de Wuess-tum hei am Land déi vum SIAS, déi vun der Ur a vum SIACH bauen.

Also Dir gesitt, et ass nach munches ze maachen, fir dass eis Gewässer esou gi wéi den Här Gibéryen et gär hätt, dass ee kann nees dra buede goen, a wéi ech et och gär hätt, dass een nees kann dra buede goen, an dass een am Fong geholl qualitativ héichwäerteg Gewässer kritt.

Wa mir Lëtzeburger dat natierlech hei maachen - dat kascht e Pak Suen -, da muss mer dovun ausgoen, dass eis Noperen dat och maachen. Dat wäert also een Exercice ginn, deen net esou einfach ass. Duerfir ass et selbstverständlech, dass ee mat sengen Noperen zesummeschafft. Duerfir ass et flott, dass an deem heite Projet eis franséisch Nopere sech och doru bedeelegt hunn, fir hir Gewässer propper ze halen, well Oetting op där enger Säit an Tressange no dobäi sinn. Et sinn och Diskussiounen amgaange mat Vuelmereng oder mat Volmerange, fir déi och nach unzebannen, esou dass dat eng gutt Saach ass.

Ech kann lech och soen, dass zum Beispill op der Ur an op der Sauer net manner wéi aacht Kläranlage Lëtzebuerg-Däitschland zesumme funktionéiere mat Rheinland-Pfalz, wat also wierklech eng grouss Zesummenaarbecht ass iwwert d'Grenzen ewech, déi mer och brauche wa mer wëllen eiser Direktiv gerecht ginn.

Ech mengen also mat dësem Projet hu mer weider e richteg Schrëtt gemaach an eng méi performant Ofwaasserpolitik hei zu Lëtzebuerg. Si ass an deem heite Sënn virbildlech, déi heiten, well och nach versicht gëtt, mat Biogas respektiv mat Solartrocknung de Klärschlamm esou hinzekréien, dass een deen herno ka verbrennen, dass een also do eng modern Approche kritt am Beräich vun der Klärschlammbeseitigung. Mä et muss ee wëssen, dass all déi Saachen net fir näischt sinn an dass ee sech do muss eng Strategie ginn, fir ebe genuch Geld ze hunn, fir all déi Kläranlagen ze bauen.

Dat kéint zum Beispill esou funktionéieren, dass ee géif Standardé festleeë fir Kläranlagen, esou wéi mer dat och bei de Schoulsäll maa-

chen, wa mer déi finanzéieren an de Gemengen, nämlech dass ee seet, eng Kläranlag huet déi dote Prärogativen an dat gëtt och finanzéiert, an alles, wat doriwwer erausgeet, muss dann eben d'Gemeng, déi de Bauhär ass, oder de Syndikat, deen de Bauhär ass, bezuelen.

Ech si gespaant, awer ech si sécher, dass Dir dat heite Gesetz stëmmt. Ech hoffen allzäit, dass Dir et stëmmt, an ech si gespaant wéi mer déi nächst Joren déi grouss Erausforderungen hikiréien. Ech si bereet mat lech eng gutt Aarbecht ze maachen, am Intérêt vun eise Gewässer.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5484 ass ugehall mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Marie-Josée Frank), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Basseur, M. Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Colette Flesch (par M. Niki Bettendorf), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Als leschte Punkt op eiser Dagesuerdnung hu mer d'Naturalisatiounen.

3. Demandes en naturalisation

Dofir muss ech de Huis clos aussprechen.

(Le huis clos est prononcé à 15.29 heures et levé à 15.34 heures.)

De Huis clos ass opgehuewen an déi öffentlech Sitzung geet weider.

D'Chamber huet an hirer net öffentlecher Sitzung 58 Demandes en naturalisation mat Dispens vum zweete Vote constitutionnel ugehall.

Liste des nouvelles demandes en naturalisation adoptées par la Chambre des Députés le 8 décembre 2005

1. AGOVIĆ Elma, née le 19 juillet 1984 à Berane (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Luxembourg